


SPEZIELL MOOSSNAMEN




Horeca Sektour

- Nëmme Sätzplaze sinn erlaabt.
- Max. 10 Persoune pro Dësch oder méi, wa se am selwechten Haushalt liewen.
- D'Dëscher stinn op d'mannst 1,5 Meter ausern een oder si ginn duerch eng physisch Trennung vun enee getrennt.
- Schluss ass spëtstens um Mëtternuecht.
- De Client muss e Mask droen, wann en net um Dësch sëtzt.
- D'Personal, dat an direktem Kontakt mam Client ass, muss e Mask droen.

- Physisch Kontakter si beim **Sport** verbueden.
- Ausname gëlle fir d'Elittesportler, wéi vum Artikel 13 vum ofgeännerte Gesetz vum 3. August 2005 definéiert, a fir Sportprogrammer déi vum Sportslycée organiséiert ginn, mat Ausnam vun Competitiounen.



- **Waarm Bieder** (Sauna, Hamam asw.) däerfe just vun enger eenzeger Persoun benotzt ginn, oder vu méi Persoune, wa se am selwechten Haushalt liewen.




- Physisch Kontakter si bei **kulturellen Aktivitéiten** verbueden.
- Eng Ausnam gëllt fir professionell Schauspiller aus dem Theater a Film esou ewéi fir professionell Dänzer.

COVID-19

MOOSSNAMEN AB DEM 24.06.2020

version 1.1

DISTANZÉIERUNGS- A MASKEFLICHT



Rassemblementer vu méi wéi 20 Persounen op der Voie publique oder op Plazen, déi accessibel si fir de Public:

- D'Persounen, déi um Evenement deelhuefen, kréien **zougewise Sëtzplazen** zur Verfügung gestallt.
- D'Distanz vun **zwee Meter** tëscht de Persoune muss respektéiert ginn oder si mussen e Mask droen.



D'Flicht fir eng Sëtzplaz zougewisen ze kréie gëllt net bei der **Ausübung vum Recht fir ze demonstréieren** oder bei **Begrieffnesser am Fräien**.

Op **Foiren, Salonen a Mäert** muss een e Mask droen, wann d'Distanz vun zwee Meter zu anere Leit net ka respektéiert ginn.



Bei **Versammlungen am private Raum** sinn d'Distanzéierung an d'Droe vu Maske recommandéiert.

Et gëtt awer recommandéiert fir Distanz ze halen oder e Mask oder eppes gläichwäerteges unzedoen, wann d'Distanz vun zwee Meter net kann agehale ginn.


Fir weider Informatiounen:
www.covid19.lu

COVID-19


MOOSSNAMEN AB DEM 24.06.2020

version 1.1

MASKEFLICHT



Am **öffentlechen Transport**
(Bus, Zuch, Tram).



Bei **Aktivitéiten déi e Public empfänken**
(Geschäfte, Guicheten, kulturell Aktivitéiten,
Fräizäitaktivitéiten, etc.)

VUN DER MASKEFLICHT AUSGESCHLOSS SINN:



Kanner **ënner 6 Joer** oder
Mineuren ënner 13 Joer bei
Aktivitéiten am Fräien.



Kultur- a Sportsacteuere bei
der Ausübung vun hiren
Aktivitéiten.



Persone mat enger Behënnerung
an engem **medizineschen Attest**,
deen dës Exceptioun justifiéiert,
an déi déi néideg sanitär Mesuren
ëmsetzen, fir d'Verbreedung vum
Virus ze verhënneren.

VERBUEDEN AKTIVITÉITEN



Foiren an Ausstellungen si verbueden
(ausser dobaussen).



Diskoe mussen zou bleiwen.

Fir weider Informatiounen:
www.covid19.lu